

## Avis au Public

### Mesure fir d'Verbredung vum COVID-19 anzedämmen

Déi aktuell Situatioun ass keng einfach a jidderee muss mat dru schaffe fir dës Kris esou gutt et geet ze packen. **D'Gemeng Monnerech** war an ass nach ëmmer eng ländlech gepräggt Gemeng an dofir appelléiere mir un eis Bierger no hiren Noperen an der Famill ze kucken, sollten si zu deene vulnerabele Persounen gehéieren. Natierlech soll ee sech virun allem hei och un déi néideg Sécherheitsmesuren halen.

Da profitéiere mir hei och nach fir eng Kéier zesummenzefaasse wéi eng Mesure bis elo geholl goufen an maachen de Point vun der aktueller Situatioun an der Gemeng Monnerech.

D'**Schoulen an d'Maison Relais** sin bis den 20. Abrëll 2020 zou.

#### Infrastrukturen:

D'Administratioun vun der Gemeng Monnerech schafft nëmmen op Rendezvous (Kontakt per Mail un déi jeweileg Servicer) oder Telefon (55 05 74-1). All Etablissement aus dem Secteur Kultur, Sport oder Horesca bleift bis op Weideres zou (Sportshalen, Centres Culturels, Duerfplatz, Schwemm PIMODI, Spillplätzen asw.) Den Duerchgang am Park Molter ass erlaabt.

#### Servicer:

De **CIGL** an Zesummenaarbecht mat **ProActif** bidd säit dem 19. Mäerz 2020 de Service « Livraison à domicile pour produits de première nécessité » un. Kontakt a weider Detailler : **CIGL** [mondercange@cig.lu](mailto:mondercange@cig.lu) oder 55 81 11-1 **ProActif** [info@proactif.lu](mailto:info@proactif.lu) oder 27 33 44-1.

Och wëlle mir op dëser Plaz d'Info deelen, dass **d'Monnerecher Guiden a Scouten** sech bereet erkläert hunn de Leit bei Akeef oder anere Besoinen ze hëllefen. Mellt Iech dofir op der Nummer (+352) 691 951 944 oder [mail@jbm.lu](mailto:mail@jbm.lu)

En Online-Shop [www.corona.letzshop.lu](http://www.corona.letzshop.lu) (ageriicht vum Ministère des Classes moyennes an dem Ministère de la Famille) stellt eng zousätzlech Hëllef duer fir déi vulnerabel Persounen.

De Service vum Ruffbus **MoBUS** ass weiderhin garantéiert. Kontakt : (+352) 8002 60 80. De Service vum **Nightrider** ass den Ament agestallt.

**D'GIM asbl** (Centre Senior « A Bosselesch ») deelt Iech mat, dass de **repas sur roues** disponibel ass fir all Persoun iwer 65 Joer a fir all « vulnerabel » Persoun. Kontakt : (+352) 621 469 951 oder (+352) 691 551 085.

#### Offallsammlung:

D'Firma LAMESCH deelt an engem Schreiwes vum 17. Mäerz 2020 mat, dass d'Ofhuelen vun de verschiddene Poubellen weiderhin garantéiert ass. Di schwaarz an di gring Dréckskëschten gi prioritär eweg geholl. D'Collecte fir Pabeier, Glas a PMC/Valorlux-Tuuten kinnten eventuell nei organiséiert gin. Dir gidd am Viirfeld iwer all Ännerung informéiert.

De **Recycling Center (SIVEC)** ass bis op weideres zou.

#### Evenementer:

Allegueren d'Evenementer fir déi nächst Zäit sinn ofgesot wéi och all aaner Versammlung oder privat Feier an engem Gemengesall.

Fir ëmmer an iwwerall iwwert déi aktuell Situatioun um neiste Stand ze sinn :

[www.mondercange.lu](http://www.mondercange.lu)  
[www.facebook.com/GemengMonnerech/](https://www.facebook.com/GemengMonnerech/)  
[www.sms2citizen.lu](http://www.sms2citizen.lu)

De Monnerecher Schäfferot

# Verhaalenskodex

## Panik hëlleft kengem, Ignoréieren awer och net

### Ech verstinn dass:

- de COVID-19 geféierlech ass,
- d'Infektiounskurve méiglechst flaach muss gehale gi fir eisem Gesondheetssystem genuch Zäit ze gi fir all Infizéiert ze versuerge an ze heelen,
- ech kann Träger vum Virus sinn ouni Symptomer ze hunn an ouni, dass den Virus bei mir ausbrécht,
- eng sozial Isolatioun déi effizientst Moosnam ass fir eng Pandemie anzedämmen,
- d'Infektiounsraten am beschten ze senken ass, andeems ech Kontakter vermeiden och wann ech mech gutt fillen a keng Symptomer hunn a kenger Risikogrupp ugehéieren.

### Dofir wäert ech bis d'Pandemie oofgeklongen ass:

- Kontakter zu Leit ausserhalb vu mengem direkten Haushalt ob ee Minimum reduzéieren,
- Kontakter zu Risikogruppen (Häerzkranker, Longekrankheet, Diabetiker, Kriibserkrankung, krank Leit, a Matmënschen iwwert 65 Joer) physesch komplett meide fir sie ze schützen,
- U kenge Manifestatiounen an onnéidege Versammlungen deelhuele,
- Meetinge per Telefon, Mail oder Videochat ofhalen,
- Bei onëmgängelechen Zesummekommen ee Sécherheetsofstand vu mindestens 2 Meter anhalen,
- Kierperkontakt evitéieren, a reegelméisseg meng Hänn wäschen, speziell no Kontakt mat öffentlechen Géigestänn,
- Reegelméisseg mäin Handy an Telefon botzen an net einfach deelen/weidergin,
- Mat Opklärung vis à vis vun mengem Matbierger dozou bäizedroen, dass den Probleem verstanen gött an erklären, dass keen Grond besteet an Panik ze verfaalen,

- Dobäi wäert ech empathesch an respektvoll mat mengem Matmënschen hiren Aengscht an Erfarungen ëmgoen,
- Keng ongepräiften Neiegkeeten oder Rumeuren verbreedden déi zu Panik kennen féieren,
- Mengen Noperen oder soss Risikogruppen hëllef wann se meng Hëllef brauchen mat der néideger Distanz fir si net ze gefäerden,
- Op eist Krunnewaasser zrëckgräifen,
- d'Fangere richteg a mat Seef wäschen (op mannst 30 Sekonnen).

### Mat dësen perséinlechen Aschränkungen iwwerhuelen ech meng perséinlech Verantwortung an droen dozou bei:

- den Risiko selwer Träger an Verbreeder vum Virus ze sinn ze miniméieren,
- d'Verbreedung vum Virus anzeschränken,
- méiglechst wéineg Leit unzeschiechen,
- de Gesondheetssystem an d'Spideeler ze entlaaschten.

### **Fir ëmmer an iwwerall iwwert déi aktuell Situatioun um neiste Stand ze sinn:**

[www.mondercange.lu](http://www.mondercange.lu), [www.sms2citizen.lu](http://www.sms2citizen.lu)  
[www.facebook.com/GemengMonnerech/](https://www.facebook.com/GemengMonnerech/)